CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
09 AVR. 2019
620

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Den Här Minister Bausch huet zu mengem Erstaunen net op meng Froe vun der parlamentaresch Fro n°520 iwwert d'Sécherheet vun den CFL geäntwert. Zwar huet den Här Minister mer eng Oplëschtung gemaacht mat all de Mesuren, déi d'CFL an de leschte Jore getraff huet. Et feele mer awer Äntwerten zu de restleche Froen, sou dass dës Froe leider nach eng Kéier musse gestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- 1. Mam Réckbléck d'Sécherheetsmesuren, déi den Här Minister mer am Kader vun der parlamentarescher Fro n°520 opgelëscht huet, ass den Här Minister der Meenung, dass dës Mesuren ausräichend waren?
- 2. Wéi eng zousätzlech Mesurë gedenkt den Här Minister nom leschten Tëschefall ze ënnerhuelen, fir d'Sécherheet vum Personal, virun allem bei Nuetszich, ze erhéijen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 JUIN 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 JUIN 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°620 du 9 avril 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les incidents sur la ligne ferroviaire Wasserbillig-Luxembourg survenus le 16 mars 2019, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 620 vum 9. Abrëll 2019 vum Här Deputéierte Marc Goergen

Mat der parlamentarescher Fro n° 620 vum 9. Abrëll 2019 freet den honorabelen Députéierte Marc Goergen zousätzlech Informatiounen zu de Virfäll vum 16. Mäerz 2019 op der Eisebunnsstreck Wasserbëlleg – Lëtzebuerg.

1. Betreffend är Fro op ech di Sécherheetsmesuren, déi ech lech am Kader vun ärer parlamentarescher Fro n° 520 vum 18. März 2019 opgelëscht hat, als ausräichend ugesinn, ass meng Äntwert ganz kloer positiv.

Et geet drëm d'Gefill vun der Sécherheet, souwuel bei den Zuchpassagéier, wéi och beim Personal vun der CFL, ze erhalen an ze erhéijen. Menger Meenung no klëmmt d'Sécherheetsgefill vun de Leit net duerch drastesch Mesure, wéi zum Beispill d'Schaafe vun enger spezieller Eisebunnspolice oder duerch d'Droe vu Waffe vum Personal vun der CFL. Au contraire sinn ech iwwerzeegt dervun, dass mer méi erreeche kënnen duerch d'Opstocke vun den bestehenden Unitéite vun der Police, den Agente vun der Douane an dem externe Sécherheetspersonal an de Garen an an den Zich, virun allem bei Fahrten, déi een als méi "gefährded" ugesäit (nuets z.B.). D'Frequenz vun de Kontrolle vun dësen Unitéiten ass natierlech och ze adaptéieren.

Dobäi kennt, wéi ech als Äntwert op är lescht parlamentaresch Fro n° 520 geschriwwen hunn, d'Ausbaue vun der Videoiwwerwaachung an de Garen an op den Arrêten, d'Präsenz vu 35 SOS-Sailen, d'Equipement vum Rullmaterial an de Busse mat Kameraen, d'Formatioun vum CFL-Personal am Konfliktmanagement, souwéi nationale an internationale Benchmarking iwwer präventiv Moossnamen am ëffentlechen Transport.

2. Eng zousätzlech Mesure mengersäits aus, ass d'Schaafe vun engem Aarbechtsgrupp am MMTP, dee sech zesumme mat der CFL, dem AVL, dem TICE, Luxtram, der Police an der Douane, mat genee dëse Froe ausernee setzt, fir an Zukunft d'Gefill vun der Sécherheet vun alle Betraffenen ze garantéieren. Dëse Comité huet sech bis elo 2 mol gesinn a schafft eng betreffend Législatioun aus.